

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Welfring.

14. Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Baum

An dann hunn ech nach eng Wuertmeldung fir den Depot vun enger Proposition de loi vum Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

M. Marc Baum (déi Lénk), auteur | Esou ass et, Här President. No enger Ribambelle vu Motiounen dann elo mol eng Proposition de loi fir ofzeweisselen. Här President, mir hate viru genoe sechs Wochen hei an der Chamber eng Debatt opgrond vun enger Interpellatioun iwwer genderbaséiert Gewalt, déi mir als Lénk ugefrot hunn. An dëser Debatt ware mer eis wäitestgeend eens, Majoritéit an Oppositioun, datt et an der Lutte géint haislech Gewalt a Gewalt géint Fraen nach Sputt no uewe gëtt. Ech hat deemools ugekënnegt, datt mer als Lénk eng entspreche Proposition de loi géngen deposéieren, an dëst maachen ech dann och heimadder. Wannechgelift, Här President.

8509 – Proposition de loi portant sur l'assistance judiciaire renforcée des victimes de violences fondées sur le genre et portant modification :

1^o du Code civil ;

2^o du Code de procédure pénale ;

3^o du Code pénal ;

4^o du Nouveau Code de procédure civile ;

5^o de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse ;

6^o de la loi modifiée du 8 septembre 2003 sur la violence domestique ;

7^o de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration ;

8^o de la loi du 7 août 2023 portant organisation de l'assistance judiciaire et portant abrogation de l'article 37-1 de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat

M. David Wagner (déi Lénk) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk), auteur | Datt d'Zuele vun genderbaséierter Gewalt weider klammen, ass eng Tatsaach. A mir brauchen och just d'Zeitungen opzeschloen, fir ze wëssen, datt deen Trend ongebrach ass. Aleng virun dräi Wochen hunn d'Nouvelles vun engem vollzunnenen an engem versichtene Femi-zid an engem eenzege Weekend bericht. Et geet net duer, an dat wësse mer, just Sonndesrieden ze halen, mee mer müssen och handelen. An där Optik ass dëse Gesetzesvorschlag verfaasst, fir konkret Pisten opzezeechnen an e legale Kader ze schafen, dee méi effikass géint genderbaséiert Gewalt virgoe kann.

Ausgangspunkt vun dëser Proposition sinn d'Recommendatiounen vum GREVIO, där Instanz, déi Länner an der Ëmsetzung vun der Istanbul-Konvention begleet. An dat, wat eisen Text proposéiert, orientéiert sech nieft de Recommendatiounen vum Europarat un de Best Practices vun enger Retsch europäesche Länner, notament eisen Nopeschlänner Frankräich an d'Belsh. Mir wëlle mat dësem Gesetzesvorschlag d'Affer vun genderbaséierter sexueller, physischer, psychescher an ökonomescher Gewalt méi effikass schützen, an dëst op verschiddenen Niveaue.

Éischtens: Mir plädéiere fir eng universal a gratis Assistance judiciaire fir Affer vun haislecher Gewalt.

Während de presuméierten Täter aktuell dëst Recht huet, kritt d'Affer dat Recht eréisch, wann et eng ökonomesch Noutsituatioun virweise kann. Dacks hänken awer a Fäll vun haislecher Gewalt méi juristesche Affären zesummen, notament dann, wa Kanner am Spill sinn. Aktuell kënnen sech entweeder just méi aiséiert Leit esou awer ganz héich Affekotekäschte leeschten oder awer als Affer géint en Täter juristesche virzegoen, riskéiert, d'Quell vun neier Prekaritéit ze sinn. Duerfir brauche mer en universell garantéierten Zougang zu dëser Assistance judiciaire, onofhängeg vun der finanzieller Situatioun.

Zweetens proposéiere mir, renforcéiert Schutzmesure fir Affer anzeféieren. A mir mengen, datt och Familljemembere vun engem Affer musse kënnen Mesures de protection ufroen. Mir mengen, datt Kanner, déi Zeie vun haislecher Gewalt gi sinn, müssen och kënnen psychologesch betreit ginn ouni den Accord vum presuméierten Täter. A mir mengen och, datt dem net gewalttätege Partner an Urgencen en temporäert Notzrecht vum Familljendoheem muss kënnen zougeschwat ginn.

Drëttens definéiere mer an eise Text de Begrëff vun „ökonomescher Gewalt“ juristesche, am Sënn fir Affer effektiv dovunner ze schützen.

Véiertens: Den Accès zu engem Logement fir Affer muss erlichtert ginn, souwuel den Accès zu den Noutstrukturen, gradesou wéi mer Reegele brauche fir prioritären Zougang zu abordablem Logement.

Fënneftens: De Schutz vun genderbaséierter Gewalt muss fir jiddweree gëllen, onofhängeg vu sengem Openthaltsstiel.

Sechstens: D'Preventiounsprogrammer fir Täter vun haislecher Gewalt solle generaliséiert ginn, fir Rezidivismus ze verhënneren.

A siwentens: Op all Niveau vun de juristeschen an zivilen Prozeduren sollen d'Informationsrechter vun den Affer gestärkt ginn.

Här President, dëst si just e puer vun deene Mesuren, déi mer an engem awer laangen a komplexen Text virschloen, a mer sinn eis bewusst, datt och dat nëmmen e klengen Ausschnitt ass vun deem, wat mer bräichten, fir géint haislech an genderbaséiert Gewalt virzegoen. Eis Propose viséieren am Prinzip all Affer vu Gewalt, mee mer huelen hei awer, esou wéi de GREVIO dat och recommandéiert, eng geschlechtsspezifesch Perspektiv an, well an der Realitéit sinn et nach ëmmer virun allem d'Fraen, déi Affer vu Gewalt ginn. Dësen Text soll e klengen, awer wichtige Schrëtt sinn a Richtung vu gewaltfräier Geschlechterbeziungen.

Merci.

M. David Wagner (déi Lénk) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum.

15. Motion de Mme Sam Tanson relative à la situation à l'Est de la RD Congo

(Motion déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 21 de ce compte rendu)

Domat wären dann déi Leit, déi sech nach gemellt hu virun der Fro, ofgeschlossen, mee mir hu virun decidéiert, datt mer déi Motioun iwwert d'Situatioun am Oste vum Kongo, déi d'Madamm Tanson deposéiert huet, géngen elo op den Ordre du jour huelen. Madamm Tanson, wëllt Dir nach eppes dozou soen?

(Interruption par Mme Sam Tanson)

Ech géng mengen, Dir sollt ... Et wär besser, well ech sinn net sécher, ob de Mikro scho geet.

(Concertation interne)

Also, e geet net. Dir musst also heihinner kommen.

Exposé

Mme Sam Tanson (déi gréng), auteure | Ok, et ass gutt. Da verléiere mer haut e bëssen Zäit, mee et ass awer e wichtige Sujet.

Wéi ech virdu gesot hunn, gëtt et eng gewëssen Onrou iwwert de Positionnement vu Lëtzebuerg, wat elo de Konflikt an d'Aggressiounen, déi gemaach ginn am Oste vum Kongo, ubelaangt. An duerfir hunn ech et wichteg fonnt, dass mer hei an der Chamber géngen eng Kéier doriwwer diskutéieren an eeben och Kloeheet kréie par rapport zu der Regierung zu deene Froen.

An duerfir froen ech am Fong dräi Saachen. Dat eent ass, dass mer intervenéiere bei der ruandescher Regierung fir e Retrait vun den Truppen an dem Kongo, dass mer och Sanctiounen op europäeschem Niveau, déi gezielt si géint déi Responsabel aus dem Ruanda, wäerten ënnerstëtzen, och an Zukunft, an dass mer eisen diplomateschen Engagement vu Lëtzebuerg an der Europäescher Unioun an dann och bei der UNO fir eng politesch Solutioun wäerte weider ënnerstëtzen.

Ech denken, dass et extreem wichteg ass. Mir hunn och eng Geschicht, wat de Kongo ubelaangt, an et ass wichteg, dass mer do och déi richteg Signaler senden an dass mer all Mëssverständnis aus dem Wee raumen. Dofir sinn ech frou, dass mer dat heiten haut kënnen hei debattéieren.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Madamm Tanson.

Si Wuertmeldungen dozou do? Ech gesinn, datt d'Regierung wëllt d'Wuert huelen. Solle mer net, Här Minister, fir d'éischt d'Deputéiert schwätze loosse? Oder wëllt Der direkt d'Wuert huelen?

Discussion générale et prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur | Ech wollt just informéieren, wéi d'Situatioun ass, ier en Debat stattfënnt, ouni datt Der d'Informatiounen hutt.

M. Claude Wiseler, Président | Da maache mir dat esou. Mee nach, Här Minister, musst Der heihinner kommen.

M. Xavier Bettel, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur | Jo, ech si schonn ënnerwee.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | An dann huele mer ... Déi Leit, déi wëllen duerno Stellung huelen, kënnen sech awer schonn direkt melden. Den Här Keup, den Här Wagner, den Här Graas, den Här Cruchten an den Här Zeimet. An ech huele se dann der normaler Reie-folleg no.

M. Xavier Bettel, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur | Voilà, Här President, e grouse Merci. Ech wëll am Fong der Madamm Tanson e grouse Merci soen, well et gëtt mer d'Méiglechkeet, hei eppes kloezerstellen. Ech krut elo d'Fro scho gestallt: „Firwat hutt Der net éischter reagéiert? Firwat hutt Der net éischter Saache riichtgebéit?“

Tatsächlech, mir hate leschte Méinden, virun enger Woch, eng Reunioun zu Bréissel, wou och d'Situatioun am Ruanda/Kongo, op der Grenz, diskutéiert ginn ass. An dunn ass d'Fro komm – an dat war den Échange politique, fir eeben och eng Direction politique ze hunn –, wéi mer mam Ruanda sollte virgoen